

déi Konservativ

Pressematdeelung

24.04.2018

Deklaratioun zur Lag vum „Loftschlass“ Lëtzebuerg!

D'Partei **déi Konservativ** huet mat Interessi, d'Deklaratioun zur Lag vun der Natioun vum 24. Abrëll 2018 zur Kenntnis geholl - e wichtege Zäitpunkt an der Politik, fir am Numm vun der Regierung, national Rechenschaft géintwuer der Lëtzebuenger Natioun of ze leeën. Et geet an där Staatsdeklaratioun mat Verweis op d'Regierungspolitik, ëm déi politesch Bilanz, ëm de politesche Réck- an Ausbléck, ëm d'Interessen an d'Prioritéite vu Land a Leit...

D'lescht Joer, hu mir d'Ried vum Här Staatsminister, als eng *«simplistes a populistesch Deklaratioun»* bewäert, nodeems d'Regierung net mat Realismus, reelle Léisungen an nei gewonnener Erkenntnis, eng pragmatesch a glafwierdeg Zukunftsstrategie fir Lëtzebuerg zeechne konnt. Dëst Joer, elo um Enn vun der Legislaturperiod, no fënnef Joer Koalitionspolitik vun DP-LSAP-Gréng, war schonns no just fofzeg Minutte, Chamberschluss: D'Deklaratioun steet an eisen Aen, fir d'Enn vun den Iddien a Visiounen, fir d'Aus an d'Kapitulatioun vun der Gambiakoalitioun! Et war eng *«Deklaratioun zur Lag vum Loftschlass Lëtzebuerg!»*. Esou e Volleksoptrag erfuerdert eng staatsmännesch Presentatioun vun der nationalpolitescher Lag.

Net d'Meeschterleeschtung vun der Regierung, mä déi allgemeng gutt Wirtschaftskonjunktur, ass d'Erklärung fir d'Finanzsituatioun vum Staat. Dës läit trotz Wirtschaftswuesstem, ëmmer nach bei engem Haushalt vu Milliounen € Defizit, a bei Milliarden € Emprunt a Staatsschold. Mä d'Regierung, si ass iwwezeegt, Lëtzebuerg hätt d'Plaz un der Sonn, wier kargesond, a feiert sech selwer, fir ee Wuesstem mat Staatsschold an allerlee politesche Schantejer am Land.

Och d'Schoul-, d'Familljen-, d'Transport- an d'Europapolitik, déi de Staatsminister als Haaptsubjeten a senger Ried, mat Luef a Bravour fir d'Regierung, thematiséiert huet, gounge komplett laanscht d'Realitéit, et felt u Léisungsusätz: E Bobo gepléischtert, heescht op kee Fall, datt de gesamt-politesche Problem un der Wuerzel geléist ass! Et ginn an dese Politikfelder, nach ëmmer reell Hausaufgaben, an d'Reforme si bis ewell keng Erléisung! Fir aner, kriddeleg Themen, gouf et just Bemierkungen um Rand, z.B fir d'Identitéits- an d'Immigratiounspolitik, d'Integratioun, d'Sécherheet, de Sozialstaat, asw. Nach manner wéi keng Positioun, gouf et z.B beim Populationswuesstem, der Wunnengsmaartproblematik, oder méi Demokratie am Land. Mir deelen den Hurratriotismus vun der Regierungskoalitioun net. Dëst Joer ass e Schicksalswahljoer fir Gambia!

Mir deele mat: Fir den 1. Juli 2018 ass d'Publikatioun vum Chamberwahlmanifest vun déi Konservativ geplangt.

gezeechent, déi Konservativ